LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
12 OCT. 2016

Luxembourg, le 12 octobre 2016

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'action humanitaire à la question parlementaire n° 2372 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Pour le Ministre des Affaires étrangères et européennes,

Marc Ungeheuer
Secrétaire Général

Gemeinsam Äentwert vum Här Minister vun den Aussen- an Europäeschen Affairen an dem Här Minister fir d'Koopératioun op d'parlamentaresch Ufro N°2372 vum Honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

Obwuel d'palästinnsesch Gebidder (TPO) keen Partnerland vun der lëtzebuerger Coopératioun sinn, ginn se awer deementspriechend behandelt. Des speziell Partnerschaft dréckt sech souwuel an der coopération multilaterale, wei an der coopération bilaterale, mat lokalen an lëtzebuerger ONGen aus.

1. D'Regierung ass net en mesure Informatiounen ze bestätegen iwwert Associatiounen déi net vun hier oofhänken.

2. Des Associatioun kruut keng Hellefsgelder vun der Letzebuerger Regierung.

3. An der coopération multilaterale subventionéiert de Ministère haaptsächlech d'UNRWA an de CICR mat contributions volontaires, souwéi spezifesch Projeten à long terme.

Contributiounen vun den Internationalen Institutiounen (Budget general an Projeten)

International Institutiounen	**Projet**	**2005-2016**
UNRWA	Budget general an projet "long and healthy life"	37.430.000
CICR	Budget general fir d 'Regioun TPO	11.500.000
EU	Mechanisme PEGASE Projet "Children for Peace"	4.400.000 500.000
Total		**53.830.000**

Lëtzebuerg klasséiert sech domat op Platz 18 vun 32 Memberen, déi bei der UNRWA Contributiounen volontaires abezuelen an absoluten Zuelen. An relativen Zuelen gëtt et keng Statistik. Beim CICR steet Lëtzebuerg um 9ten Rang vun 13 fir d 'Contributiounen an d 'Regioun TPO.

An absoluten Zuelen, mee nach méi an relativen Zuelen ass Lëtzebuerg ee ganz wichtegen Partner fir d'UNRWA. D'UNRWA weess déi lëtzebuerger Hëllef an hier prévisibilitéit ze schätzen. Zanter 2007, op der Paräiser Konferenz, huet Lëtzebuerg sech engagéiert pro Joer 7 Milliounen € fir d'TPO auszeginn, an eis Contributiounen sinn säitdem stabel. Zahter 2009 ass Lëtzebuerg och duerch seng Contributiounen am Comité consultatif vun der UNRWA vertrueden, deen zweemol am Joer zu Amman zesumme kennt. Nieft der Contributioun multilaterale ënnerstëtzt Lëtzebuerg och nach eng Rei ONGen am bilateralen Secteur, souwuel lokal ONGen, wei och lëtzebuerger ONGen, déi an de Gebidder aktiv sinn. D'lëtzebuerger Coopératioun ënnerstëtzt momentan dräi lokal ONGen; AMAN (Secteur bonne gouvernance, lutte contre la corruption), PMRS (Palestinian Medical Relief Society am secteur santé) an PARC (Palestinian Agriculture Relief Committee am secteur agriculture).

ONG	Secteur	Zäitspan	Montant (€)
AMAN	Lutte contre la corruption	2011-2016	1.081.181
PARC	Agriculture	2007-2016	4.693.103
PMRS	Santé	2006-2016	1.785.979
Peres Center	Bonne gouvernance	2009-2014	230.000
Total			**7.790.263**

Nieft den lokalen ONGen ënnerstëtzt Coopératioun och eng Rei ONG vun Lëtzebuerg aus.

ONG	Secteur	Zäitspan	Montant (€)
Comité pour une Paix Juste au Proche Orient	Santé	2013-2016	351.734
ASTM	Formation	2012-2016	237.810
Caritas	Santé	2006-2015	414.998
Handicap International Lëtzebuerg	Santé	2007-2016	1.009.571
Bridderlech Deelen - Caritas	Protection sociale	2007-2012	236.137
Fondation Planet Finance	Microfinance	2007-2009	967.786
Total			**3.218.036**

Lëtzebuerg huet also an der Zäitspan vun 2005 bis 2016 iwwer 64,83 Milliounen € ausginn fir TPO.

4. D 'Projeten déi vun der lëtzebuerger Coopératioun ënnerstëtzt ginn, sinn an Accord-Cadre oder Memorandum of Understanding fest geluecht. Des Kontrakter gesinn, ënner anerem vir, dass all Institutioun oder ONG een detailléierten Rapport muss virleeën iwwert hier Aktivitéiten an zousätzlech en externen Audit vun hiren Compten maachen muss, an daat all Joer. All déi Kontrakter ginn mat den Agencen oder ONGen direkt ënnerschriwwen, ouni iergendwellech Ammeschung vun der palästinensescher Regierung. D 'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef entscheet onofhängeg vun der palästinensescher Eenheetsregierung, wat fir eng Projeten sie ënnerstëtzt (ausser fir de Mechanisme PEGASE, wou déi Suen iwwert d 'europäesch Commissioun un d'Eenheetsregierung fléissen). Den Risiko null gëtt et bekanntlech nett. Och wann Lëtzebuerg net vertrueden ass an den TPO, sou sinn Mataarbechter vun der lëtzebuerger Coopératioun regelméisseg an den TPO, fir déi Projeten ze kucken. Zum Beispill ass Lëtzebuerg een bis zweemol am Joer bei der Commission Consultative vun der UNRWA vertrueden, an kann op der Platz nofroen, respektiv kontrolléieren op alles richteg ëmgesat gëtt. Ausserdeem ginn, vun der UNRWA all Joer zwou Visite de Terrain organiséiert, wei dat de Fall war den 17. an den 18. Juni an den

palästinenseschen Flüchtlingslager am Libanon an den 18. an 19. November 2015 zu Gaza. Bei deenen Visite konnt festgestallt ginn, wou déi Suen vun der Coopératioun investéiert goufen, an virun allem wei néideg se waren. Am Mäerz 2015 ass och d 'ONG AMAN vun der internationaler Consultingfirma COWI op hir Aktivitéiten gepréift ginn mat engem ganz positiven Resultat. AMAN gëtt ausserdeem vun Norwegen an Holland, déi op der Platz eng Vertriedung hunn, matfinanceiert, zesummen an engem Konsortium mat Lëtzebuerg. AMAN ass och Member vun Transparency International. Déi lëtzebuerger humanitär Hëllef gëtt duerch international unerkannten humanitär Organisatiounen an Institutiounen an no internationalen Critèren vun Transparenz an accountability ëmgesat.

5. Der Lëtzebuerger Regierung sinn keng Fäll bekannt wou Geld aus Lëtzebuerg un terroristesch Vereenegungen weidergeleet ginn wier.